ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3577 no enger Rei Modalitéite vun dem EU-Reglement 2019/631/UE schreift den Här Minister ënner anerem, datt zënter dem 1. Januar 2021 an Europa keng Autoe méi dierfen immatrikuléiert ginn, déi net mat der sougenannter "On Board Fuel Consumptiom Monitoring"-Software equipéiert sinn. Dës Instrument liest eng ganz Rei Donnéeën aus, déi an der Annex XXII, Kapitel 3 vun dem modifizéierte Reglement 2017/1151/UE, Punkt 3.1 a Punkt 3.2 gereegelt sinn.

Dozou wéilt ech dem Här Transportminister nach dës Froe stellen:

1) Wéi eng Informatiounspflicht besteet, am Bezuch op dëse Reglement, fir d'Garagiste vis-à-vis vum Keefer?
2) Ginn dës Donnéeë vun enger nationaler Autoritéit erfaasst a, wa jo, vu wéi enger?
3) Bei wéi enger zoustänneger (nationaler) Autoritéit ginn des Donnéeë stockéiert a wou stinn déi entspriechend Serveren?
4) Wéi ginn des Donnéeë viru potenziellen Hackerugréff geschützt?
5) Iwwer wéi eng Rechter verfüügt de Proprietaire vun engem Auto, fir sech kënnen iwwert seng entspriechend Donnéeën ze informéieren?
6) Wéi eng Ëmstänn féieren zum Läsche vun dësen Donnéeën?
7) Wéi kann e Proprietär vun engem Auto sech dogéint wieren, datt seng Donnéeën erfaasst ginn?
8) Fléissen des Donnéeën an d'Berechnung vun der Autossteier mat an, déi zu Lëtzebuerg op Basis vum CO2-Verbrauch erhuewe gëtt?
9) Mussen déi Donnéeë bei engem Weiderverkaf vum Auto mat renseignéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten